PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/05/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

D'Situatioun am Quartier Gare zu Lëtzebuerg-Stad gëtt ëmmer méi problematesch, wéi rezent Berichter an engem Artikel vum 24. Abrëll 2025 am "L'essentiel" weisen. Awunner beschwéieren sech iwwert Persounen, déi an hire Gebaisentréeën iwwernuechten, Dreck hannerloossen a fir Onrou suergen. Et ass wichteg ze verstoen, datt Obdachlosegkeet kee Verbriechen ass, mee eng sozial Problematik, déi adequat Mesuren erfuerdert.

D'Bewunner sinn am Kontakt mat der Police an de lokalen Autoritéiten, mee d'Léisungen, déi bis elo ugebuede goufen, schéngen net ausräichend ze sinn. Et ass d'Verantwortung vun eiser Gesellschaft, deene Mënschen ze hëllefen déi um Rand stinn, an zesummen eng Léisung ze fannen, déi d'Wuelbefanne vun allen Awunner an de Respekt vun der Mënschewürd garantéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Moossname plangt de Minister ze huelen, fir déi aktuell Obdachlosesituatioun am Quartier Gare ze verbesseren an den Awunner hir Liewensqualitéit ze garantéieren?
2. Wéi eng Statistike leien dem Ministère iwwer d'Unzuel vun Obdachlose vir, a wéi vill Schlofplaze sinn aktuell an den Noutënnerkënft disponibel?
3. Firwat ginn déi existéierend Hëllefsoffere scheinbar net ugeholl vun deene betraffene Persounen an huet de Ministère eng Strategie fir dës Hëllef besser zougänglech ze maachen?
4. Wat fir multidisziplinär Approche plangt de Minister mat anere Ministèren (z.B. Inneministère, Gesondheetsministère) fir net nëmmen d'Symptomer, mee och d'Ursaache vun der Obdachlosegkeet ze bekämpfen?
5. Wéi eng konkreet laangfristeg Projete ginn et, fir Persounen déi reegelméisseg am Quartier Gare iwwernuechten eng stabil Wunnsituatioun unzebidden?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten